



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture  
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°7976 vum éierbaren Deputéierten Jeff Engelen**

- 1. Wéi eng Conclusiounen zitt d'Regierung aus dem uewe genannte Rapport? Wéi wëll si eventuell den Transport vu liewegen Déiere reduzéieren an d'Noutwendegkeet vum Transport vu liewegen Déieren iwwerpräiwen a kontrolléieren?**

De Landwirtschaftsministère encouragéiert duerch seng Promotioun vu lokalen a regionale Produkter de Konsument Fleesch ze kafe vun Déieren, déi hei am Land respektiv an engem Schluechthaus an enger vun den Nopeschregioune geschluecht goufen.

Den Transport vu liewegen Déiere muss weiderhi konstant kontrolléiert ginn, an deels méi genau Krittären, baséierend op wëssenschaftlechen Erkenntnisser, fir déi vill verschidden Aarte festgeluecht ginn.

- 2. Wéi eng Moosname wëll si huelen, fir speziell d'Déierentransporter virum Schluechten op e strikte Minimum ze reduzéieren an d'Wuelbefanne vun den Déieren och während esou Transporter ze assuréieren?**

Wéi an der Vergaangenheet och gëtt weiderhi bei all Transport bei der Umeldung kontrolléiert, op déi verschidde Krittären erfëllt sinn, dëst betrëfft ë.a. d'Unzuel vun den Déieren, den Transporter, Equipement vum Transporter (Ventilatioun etc.), d'Plaz, déi den Déieren zur Verfügung steet, Dauer vum Transport etc. All Transport an d'Ausland, op fir ze schluechten oder fir d'Zucht, gëtt virum Depart vun engem Veterinär kontrolléiert. Déi national Transporter an d'Schluechthaus gi vun den zoustännege Veterinären am Schluechthaus kontrolléiert. Fir d'Kontrolle vum Transit vun Déierentransporter besteet eng Kollaboratioun tëschent der lëtzbuerger Veterinär-a Liewensmëttelverwaltung (ALVA) an der Verwaltung vun der Douane. Et bleift och nach ze vermierken, dass de Landwirtschaftsministère zanter dem leschte Joer e Verbuert ausgeschwat huet, fir den Transport vu Schluechtbéischten an Drëttlänner.

**3. Wéi eng Propositione wëll d'Regierung op europäeschem Niveau maachen, fir där vläicht iwwergrousser Spezialisatioun a Konzentratioun vu Betriber an de Beräicher Zuucht a Schluechten entgéint ze wierken (z.B.: abattoirs de proximité, abattoirs mobiles)?**

Am Kader vum Agrarconseil huet de lëtzebuurger Landwirtschaftsminister ëmmer erëm drop higewisen, dass ee soll d'Transportweeër vun den Déieren, haaptsächlech déi fir d'Schluechtung, op en Minimum reduzéieren an zousätzlech d'Konditiounen vum „bien-être animal au transport“ verbessern. Lëtzebuerg huet och do Ënnerstëtzung vun anere Länner kritte.

D'EU-Kommissioun huet verschidde wëssenschaftlechen Etuden zum Beräich Déiereschutz bei der EFSA (europäesch Liewensmëttelagence) an Optrag ginn a wäert elo déi Avisen an d'Verbesserung vun der Legislatioun betreffend déi verschidde Facette vum Déiereschutz ophuelen. Des Revisioun vun der europäescher Legislatioun soll nach virum Enn 2023 vun der Kommissioun präsentéiert ginn.

D'Regierung ass bereet all Form vu Schluechthaus ze ënnerstëtzen ënner der Konditioun dass des déi verschidde Konditiounen vun der Legislatioun respektéieren.

**4. Wëll d'Regierung nach aner Iddien an dem Sënn ënnerstëtzen, ewéi z.B. déi Initiativ „de la ferme à la table“?**

Ee wichtegt Element vun dëser Initiativ ass d'Verbesserung vum Déiereschutz bei der Haltung vun Déieren, beim Transport esou wéi och beim Schluechten.

Duerch d'Schafung vun der neier Verwaltung ALVA, déi dem Landwirtschaftsministère ënnersteet, ass dësen elo zoustänneg fir d'Kontrolle vun der ganzer Liewensmëttelketten also vum Stall bis op den Dësch.

Lëtzebuerg, de 6. Juni 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN